ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3775

REÇU
Par Alff Christian , 07:28, 05/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 19. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 11. Februar 2021 huet de CGDIS e sougenannten Twittergewitter organiséiert. Op deem Dag gouf versicht, de Leit dobaussen en Abléck an d'Aarbecht vun de Rettungsdéngschter ze ginn, an d'Leit konnten sämtlech CGDIS-Asätz op deem Dag live matverfollegen.

Dat kéint een och mat der Police maache fir de Leit dobaussen en Abléck an d'Aarbecht vun der Police ze ginn. Esou eng Aktioun géif och mol weisen, wat fir eng Aarbecht d'Police all Dag leescht.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Policeminister:

1. Wéi steet den Här Minister zu esou enger Iddi fir d'Police?
2. Ass esou eng Aktioun och fir d'Police geplangt, esou datt de Bierger en Abléck an d'Aarbecht vun der Police ka kréien?
3. Wann net, wat sinn dann d'Grënn vum Minister, déi dogéint schwätzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 05 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3775 du 19.02.2021 de Monsieur le Député Fred Keup – Organisation d'un "Twitter Gewitter" par la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés